

OAI

ORDRE DES ARCHITECTES
ET DES INGENIEURS-CONSEILS

Carte blanche RTL Radio 27/3/2020

Titre: E bessert Zesummeliewen nom Coronavirus.

Annonce:

Back to the essentials.

Wéi gestalte mir eise Cadre de Vie an eist Zesummeliewen nom Coronavirus?

Vum **Pierre HURT** Directeur de l'Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils (**oai.lu**)

Texte :

U sech wollt ech iwwer **de** Problem vu virun der Coronakris schwätzen.

De Logement abordable.

Ons Table ronde zu dësem ëmmer nach wichtege Thema, virgesinn den 30. Mäerz, gött nogeholl.

Mee d'Aktualitéit huet sech dramatesch verännert. Mir entdecken ons reelle Fragilitéit / Ufällgkeet.

Mir hunn eis eng déck Téitsch agefaangen. Mä ech vertraue fest op de **Courage an d' Resilienz** vun eiser Gesellschaft dat mir dat erëm ausgläichen an esouguer gestärkt aus dëser Situatioun erauskommen.

Dofir musse mir alleguer onst Bescht ginn, jiddereen op senger Plaz.

De Secteur vun den Architekten an Ingénieuren konnt sech zum Deel op den Télétravail ëmstelle fir eng gewëss Kontinuitéit ze erhalen an déi Viraarbecht ze maache fir net an e Lach ze fale wann d'Kris eriwwer ass.

Den OAI mat senge Membere proposéiert sech wou Hëllef méiglech ass.

Well mir schrëiwen elo all zesammen **den Narrativ, deen herno erzielt gött.**

Dat ass essentiel fir no der Kris dei richteg Conclusiounen ze zéien, a keng Plaz fir e Mëssbrauch ze loossen.

D'Etymologie vum Wuert Kris heescht Jugement / Entscheidung.

Et ass elo de Moment an dësem Slowdown nach méi déifgräifend an éierlech déi Ziler weider ze dreiwen, déi mir scho virun der Kris op der Lee haten.

D'Economie solidaire

D'Klimakris

Den Developpement durable mat der Zirkularwirtschaft

An och de richtigen Émgang mat eise Wëssens- an Kommunikatiounstechnologien.

Hei e puer Denkestéiss

Ons ganz Technologie ass näischt wäert, wa net genuch Leit op der richteger Plaz sinn.

Eise Wirtschaftssystem nach méi op de Mënsch auszeriichten, an erëm eng gesond Onofhängegkeet opbauen.

Déi vital Funktiounen vun eiser Gesellschaft z.B. an engem Ëmkrees vun 250 km nei organiséieren.

Nom Motto fair, gudd, propper, regional a bereet sinn, de richteger Präis ze bezuelen.

Dat heescht bei Leiwe net, dat mir eis sollen zou maachen; ganz am Géigendeel, mir solle grouss op si fir all Entwécklungen, Aflëss a kulturell Échangen.

Dëst funktionéiert nëmme, wa Politik, Wirtschaftsakteuren a Bierger zesumme mat de **liberale Beruffer** dat néidegt gesellschaftlecht Gläichgewicht fannen.

Ech hoffen dat dës **Kris ons Sënner schärft** fir duerno **ze wëssen, wat net mei geet an zesumme spieren a fille wat passt fir e gudd a fairt Zesummeliewen.**

Zum Schluss nach e grouse Merci un all déi dobaussen um Terrain, a besonnesch am Gesondheetssecteur, déi e formidabele Job maachen.

Pierre HURT